A/11
Lëtzebuerg, de 6. Februar 2018

Lëtzeburger Primeur 2018

Samschden 17. November 2018
An der Kellerei zu Wourmer

Den Comité vun der Amicale POST Luxembourg, invitéiert all seng Memberen mat Famill a Frënn op säin Lëtzebuerger Owend zu Wuermer, an der Kellerei vun der Vinmoselle, mat Danz Musek, **den Samschden 17. November 2018** vun Owes **19.00 Auer un**.

Um 19.00 Auer geet et lass mat dem **Aperitif, duerno dem kalen Lëtzebuerger Buffet « Land an Waasser », preparéiert an servéiert vun onsem Traiteur an Metzler, dem Mathieu Marc,** dann dem **Dessert vun der Pâtisserie Hoffmann**, an zum Schluss nach dem **Kaffi**.

Danzmusek mam **Käpt'n Ändä & Matrous K1000 feat the Hüettes**

Am Open-Bar gëtt et awer och aner Gedrénks dat een dann selwer muss bezuelen.

(Béier, Digestif, Soft asw).

Mir spillen och eng Super-Tombola mat flotten Präisser aus.

Fir **eis Memberen** de Präis ass **50 EUR pro Persoun. Apéro**, *Iessen, Drénken (1 Fläsch Primeur op den Kapp + 1/2 Waasser + Kaffi) sidd der derbäi.* Fir eis net Memberen de Präis ass **55 EUR pro Persoun. Apéro**, *Iessen, Drénken (1 Fläsch Wäin op den Kapp + 1/2 Waasser + Kaffi) sidd der derbäi.*

Zu ärer Sécherheet huet de Comité och en **"Service-Navette"** organiséiert, deen iech doheem ewech hëlt an em 01h15 erëm heem féiert, dat fir de **Präis vun 25 EUR (Aller/Retour) pro Persoun**. Et kann een och am Hotel mat Navette iwwernuechten fir 85 EUR am Eenzelzëmmer oder 50 EUR pro Persoun am Duebel Zëmmer mat dem Kaffi mueres. Sot bei der Umeldung Bescheed ob der vun der Navette wëllt profitéieren oder en Zëmmer wëllt, an dat bis spéitstens den 31. August 2018.

Mir hunn fir **Maximum 120 Leit** Platz; mëllt iech duerfir esou séier wéi méiglech un beim Mike Orazi um 2424-4402 oder iwwert Email **amicalpt@pt.lu** an iwwerweist den Gesamtmontant pro Persoun op den CCP IBAN LU14 1111 0300 0330 0000 vun der Amicale POST Luxembourg mat dem Vermierk " Lëtzebuerger Primeur 2018 ".

Wann der Iech bis ugemellt hutt, sinn d'Suen net méi remboursabel.

Den Comité